

Et huet een d'Gefill, dass d'Leit sech am Fong belästegt fillen, aus Grënn, déi se guer net kënnen novollzéien. Si fille sech souguer ongerecht behandelt, an dat erstaunt eis e bëssen, well am Ausland ass d'Mentalitéit am Fong eng ganz aner. Do ass et selbstverständlech, dass een entweder richteg parkt oder no anere Moyene sicht, wann een owes erausgeet. Mir géifen eis wënschen - a mir begreifen och all Schrëtt, deen an déi Richtung geet -, dass sech dat zu Lëtzebuerg e bësse géif änneren, dass zum Beispill och déi Haltung, fir ze mengen, e Late-Night-Bus wier just fir déi Jonk, sech géif änneren. Dir hutt an anere Metropole wéi Paräis oder Berlin Nuetsbussen, déi voll mat Leit sinn, déi owes op den Tour ginn. Firwat kann dat zu Lëtzebuerg net och esou funktionéieren? Firwat mengen d'Leit, mam Bus fueren ech just, wa mäin Auto en panne ass oder wa soss eppes geschitt ass, dass ech den Auto net ka benotzen; also am Fong eng Mentalitéit, déi selbstverständlech dovun ausgeet, dass een net anescht wéi mam Auto sech och owes ka fortbeweegen.

Dann och d'Onbereetschaft, fir eventuell an eng Industriezon ze goen. Dat ass och eppes, wat ganz oft ugeklungen ass. Mir wëllen eis ameséieren, mir wëllen dat awer mëtten an der Stad maachen. Dat geet net zesummen! Do muss ee vläicht och nach méi sensibiliséieren, dass dann eben Discoen oder Bistron, wou méi lass ass, net onbedéngt mëtten am Zentrum musse sinn, wou et dann eventuell Leit stéiert.

Wéi gesot, dofir fänne mir Mesurë wéi déi heite vum Prinzip hier positiv. Mir fannen och Mesurë wéi de Late-Night-Bus, deen d'Gemeng Lëtzebuerg agefouert huet, positiv, och wann dat ausbaufäeg ass, och wa vläicht um Niveau vun den CFL zousätzlech Mesurë missten do kommen, fir dass dat wierklech optimal géif funktionéieren. Sécherlech wier et och eng flott Iddi, wann z.B. d'Discosbedreier géifen deene Leit, déi mam Bus kommen, eppes um Präis ausdinn. Do wiere sécherlech nach ganz vill Saache méiglech.

Et gëtt och méi negativ Beispiller an der Stad Lëtzebuerg. Ech denken z.B. un de Stadgronn, wou ech net fannen, dass d'Stad dat verantwortlech mécht, wat se misst maachen. Eiser Meenung no - an dat ass eng Fuerderung, déi mer scho laang opgestallt hunn - misst de Stadgronn einfach fir de Verkéier zougemaach ginn. Besonnesch owes ass dat wichteg. Da misst e Pendeldéngscht systematesch do organiséiert ginn.

Här President, ech kommen zum Schluss. Ech wëllt nach eppes iwwert d'Gesetz u sech soen. Dat hei sinn elo just zwee Punkten, déi par rapport zum Gesetz iwwert d'Cabarete sollen ofgeännert ginn. Mir sinn der Meenung, dass ee méi wäit misst goen. Mir brauche kloer Kritäre fir Genehmegunge vun esou Etablissementen. Mir brauchen eng Definitiou, wat ass e Café, wat ass eng Disco, wat ass e Concertsall. Mir brauchen och Kritären, wat d'Zuel vun de Parkplazen ugeet, wat d'Norme vun den Zoufahrsweeër fir d'Rettungsdéngschter ugeet.

Mir bräichten och Normen, wat d'Personal betrëfft, an do sinn ech e bëssen iwwerrascht iwwert dat, wat den

ADR hei virdru verlautbaart huet, well et geet net nëmmen ëm d'Bistrosbedreier, et geet och ëm d'Personal, dat muss zu onméigleche Stonne schaffen, elo dann nach vläicht zu méi onméigleche Stonnen, a Konditiounen, déi do heesche Kaméidi, Zigarettendamp asw. . Dat ass net esou evident, an och do menge mir...

M. Aly Jarling (ADR).- Do sinn d'Gesetzter jo awer kloer. Ech mengen, doriwwer brauche mer net ze schwätzen. Et ass sous-entendu, wa Personal beschäftegt gëtt: D'Gesetz muss respektéiert ginn.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Ech weess net, Här President, ob et e Kollektivvertrag an deem Secteur soll ginn. Ech stelle just fest, dass do nach laang net alles zum Gudden ass, emol ofgesinn dovun, dass déi meescht Leit emol net ënner legale Konditiounen kënnen schaffen, well d'Patronen net kënnen uerdentlech Aarbechtsgenehmegungen an d'Rei maachen asw. .

Här President, als lescht Propos wëllt ech just nach d'Iddi erabrénge vun engem ronnen Dësch, sou wéi en och am Ausland a ville Gemenge funktionéiert, e ronnen Dësch, un deem souwuel d'Gemeng, d'Bedreier wéi och déi betraffe Bevölkerung an eventuell Jugendorganisationen kënnte setzen, fir déi Problemer, déi sech ronderëm d'Nuetsliewe stellen, vläicht a méi enger sachlecher a manner emotionaler Atmosphär, wéi dat am Moment oft de Fall ass, kënnen ze diskutéieren an och hoffentlech ze léisen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Wann Der domat d'accord sidd, da géife mer déi Motioun, déi den Här Jaerling agereecht huet, als Unhang un d'Proposition de loi hängen an un déi zoustänneg Kommissioun weiderginn.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Proposition de loi 4676 vum Här Alex Bodry iwwert de fräien Zougank zur Informatioun.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Santer, Mehlen a Bausch.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Bodry.

4. Proposition de loi 4676 concernant la liberté d'accès à l'information

M. Alex Bodry (LSAP), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn am Numm vu menger Fraktioun e Gesetzesvorschlag agereecht, wou et drëm geet, fir e Schrëtt méi wäit ze kommen a puncto Öffnung vun der Verwaltung, a puncto lieweg Demokratie. Et geet ëm de fräien Zougank zu den Informatiounen. Et ass e Wuert, wat de Politiker ganz gären an de Mond hält, dass et wichteg ass, dass d'Leit informéiert sinn, mä an der Praxis gesäit een, dass et eng Rëtsch vu Barrière gëtt, fir wierklech deen Zougank zu den Informatiounen beim Stat,

bei de Gemengen, bei aneren öffentlichechen Träger och an der Realitéit ze garantéieren.

De fräien Zougank zur Informatioun, esou wéi ech e verstinn, a menger Proposition de loi, huet eigentlech zwee Aspekter: op där enger Säit déi gesetzlech Verankerunge vum Recht vun all Bierger, fir all zur Verfügung stehend Informatiounen ze kréien, mä awer och ëmgedréinterweis d'Verpflichtung vun dem Stat, vun de Gemengen, fir vu sech aus all Informatioun, déi kënne fir d'Biergerinnen an d'Bierger interessant sinn, och op- an hinnen zougänglech ze maachen.

D'Regierung huet selwer an der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun drop higewisen, dass den Internet géif nei Méiglechkeete ginn, an ass d'Engagement agaangen, fir iwwer Internet e Maximum vun Informatiounen, de Biergerinnen a Bierger zougänglech ze maachen. Dat wëll ech och gläichzäiteg hei mat gesetzlech verankeren.

Mir sinn e bëssen am Hannertreffe par rapport zum Ausland, well a ville skandinavesche Länner, an Amerika an a villen Nopeschlänner et schonn elo allgemeng gültig Texter gëtt, déi dee fräien Zougank zu den Informatiounen regelen.

Bei eis gëtt et eenzel Gesetzestexter, déi dat maachen. Ech erënneren do un d'Texter vun 1978 a vun 1979 iwwer d'Procédure administrative non contentieuse, wou eng éischte Kéier probéiert ginn ass, fir d'Rechter vum Administré par rapport zu der Verwaltung an engem Text kloer ze stellen. Dat huet och, géif ech soen, eis e Stéckchen am Land weiderbruecht; e Gesetz vun 1992 schliesslech, wat dee fräien Zougank zu den Informatiounen vun all Bierger regelt, awer nëmmen am Beräich vun den Ëmweltinformatiounen.

Ech wëll e Schrëtt méi wäit goen an déi Oppenheet, déi mir an deenen eenzelne Beräicher hunn, wou eng Gesetzgebung besteet, transposéieren op all d'Secteuere, wou Stat, Gemengen oder öffentliche Institutiounen iwwer Informatiounen verfügen. Et ass och an deem Sënn, wéi eenzel europäesch Staten dat an der Vergaangenheet geregelt hunn.

De fräien Zougank zur Informatioun muss d'absolut Regel sinn. Den eenzelne Bierger muss kënne déi Informatioun consultéieren, Akte consultéieren, Kopie huele vun deenen Informatiounen. Ech mengen, dass iwwer déi modern Kommunikatiounsmëttel souguer och dat eigentlech am Endeffekt no e puer Joren net méi wäert de Fall sinn, well et ganz aner Méiglechkeete wäert ginn, fir un déi Informatiounen ze kommen.

D'Informatiounsrecht ass e Biergerrecht, mä et ass keen absolut Recht, wat aner individuell Rechter a Fräiheete géif definitiv ausser Kraaft setzen. Dofir gesi mir an eisem Text vir, ähnlech wéi dat och an auslänneschen Texter de Fall ass, dass a bestëmmte kloer opgezielten Hypotheesen dat Informatiounsrecht vum Bierger ka moduliert ginn. Z.B. muss selbstverständlech de Secret de l'instruction virum allgemengen Informatiounsrecht vum Bierger stoen. Dat gëllt och fir d'Protektioun vun

der Privatsphär. Dat gëllt fir de Secret commercial, fir nëmmen déi do Beispiller ze nennen, wou et dann Aschränkunge gëtt, wou an eenzelne Fäll awer d'Informatiounen nach ëmmer accessibel fir deen eenzelne Bierger bleiwen, mä an enger limitierter Form, wou all déi Passagen, déi z.B. kënne d'Privatsphär vun engem anere betreffen, géifen aus deenen Informatiounen erausgeholl ginn.

Et schéngt mer also wichteg ze sinn, dass mer deen Text hei breet uleeën. D'Praxis vun dem Gesetz vun 1992 war och eigentlech net all ze schlecht, esou dass een elo kann dohinner goen an de fräien Zougank do op all déi aner Secteuere kann iwwerdroen.

Wichteg ass ze bemerken, dass entgéint deem, wat an eiser Prozessuerdnung üblech ass, deejéinegen, dee gären Informatiounen hätt, net muss en individuellen Intérêt nowiesen. Dat heescht, et geet duer, dass en d'Informatioun freet. E brauch net nozeweisen, firwat dass en déi Informatioun gären hätt, an e kann och dowéinst kee Refus vun der Verwaltung kréien.

D'Verwaltung muss déi Informatioun esou schnell wéi méiglech erausginn. Si muss also all d'Diligencé maachen, wann d'Informatioun bei hir selwer zur Verfügung steet, dass se se och direkt erausgëtt. Si huet maximal zwee Méint Zäit. Wa se dat bannent deem Délai net mécht, da kann deejéinegen, dee gären d'Informatioun hätt, virun d'Verwaltungsgericht goen.

Leider, dat muss ee soen, gëtt et keng aner Regel. D'Verwaltungsgericht ass natierlech eng schwéierfällg Prozedur, mä ech wollt net mat Grondregele vun eiser Prozessuerdnung brieche bei där Proposition de loi. Et schwieft eis awer als sozialistesche Fraktioun vir, dass dee Moment, wou eng Ombudsstell zu Lëtzebuerg geschafen ass - woufir mir eis aktiv wäerten asetzen an deenen nächste Méint -, een, fir d'Informatioun ze kréien, net méi onbedingt iwwer d'Verwaltungsgericht muss fueren, wann éiere staatelech oder aner öffentliche Stellen hirer Informatiounsflucht net nokommen. Da kann déi Ombudsperson eng Injonction ginn un déi öffentliche Stellen, fir déi Informatioun erauszéckelen, fir dass deser gesetzlecher Informatiounsflucht an dem Informatiounsrecht vum Bierger och Rechnung gedroe gëtt.

Zesummegefaasst hu mer et hei mat enger Proposition de loi ze dinn, déi eigentlech eng dräifach Zilsatzung huet:

- Et geet drëm, fir eis Verwaltungsreform e Stéck virunzedreiwen, eng Verwaltungsreform, déi relativ lues virukënnt. Mir wëllen eng öffentliche Verwaltung, déi oppen ass, déi biergerno ass, déi sech als Service-Betrieb versteet, an dozou gehéiert och, dass se all d'Informatiounen an enger appropriierter Zäit a Form deemjéinegen zur Verfügung stellt, dee se gären hätt.

- Et geet drëm, fir e Schrëtt weider ze maachen a Richtung Participatioun, Bedeelegung vum Bierger un den Entscheidungsprozedure beim Stat a bei de Gemengen.

- Et geet drëm, fir eng Vereinfachung vun der Aarbecht vun der Press erbäizefeieren. Och d'Journaliste kënnen iwwert dës Wee méi liicht, wéi dat haut de Fall ass, un Informatiounen kommen, an dofir gesinn ech och perséinlech dës Proposition de loi als nützelechen Zousatz zu där Reform vum Pressegesetz, wou mer nach an dëser Legislaturperiod driwwer wäerten diskutéieren.

Ech hoffen, dass dës Iddie vum Recht op Informatioun op eng breet Zoustëmmung an der Chamber stoussen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Robert Mehlen.

Discussion

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, ech si mer der Chance an der Eier bewosst, fir eng Kéier als éischten Orateur hannert engem Rapporteur oder an dësem Fall Présentateur vun engem Projet oder enger Proposition de loi schwätzen ze kënnen.

Et ass eng Proposition, déi, géif ech mengen, ganz sympathesch ass. Eisen demokratesche System, wann ee kuckt, wou en hierkënn a wéi en évoluëiert huet, huet eng laang Evolutioun duerchgemaach, an dat hei ass ganz sécher e Meilen- oder vläicht och nëmme Mosaiksteen an där ganzer Entwécklung.

Mir sinn absolut d'accord, wa gesot gëtt, dass d'Bierger solle kënnen un den Décisiounen hei am Stat deelhuelen. Mir hu selwer viru Joren eng Proposition de loi deponéiert, déi leider ëmmer nach am Tirang läit, déi envisagéiert, dass op Initiativ vun de Bierger hi solle kënnen Referenden ofgehale ginn. Wann dat eng Kéier sollt stattfannen, dann ass d'Viraussetzung, fir dass dee System soll kënnen funktionéieren, déi, dass de Bierger optimal, neutral, objektiv informéiert ass. Dat hei ass sécher e ganz positiven a wichtege Schrëtt an déi Richtung.

Wann een an der Praxis emol probéiert, als Bierger oder souguer heiansdo als mandatéierte Volleksvertreder Informatiounen aus de Verwaltungen erauszekréien, da gëtt ee gewuer, dass dat net ëmmer esou einfach ass. Ech stelle mer just dës Moment d'Fro, inwiefern dës guttgemengte Proposition de loi verschidden Denkweisen an eise Verwaltungen ännere wäert. Wa se eng Kéier sollt zum Gesetz ëmgesat ginn, géif ech wënschen, dass mer net nëmmen hei e legale Kader veränneren, mä dass och an de Verwaltungen, bei deene Leit, déi concernéiert sinn, an deene Käpp, déi concernéiert sinn, en Ëmdeanke stattfënnt. Et geet net duer, dass mer e legale Kader schaffen. Et muss och e breede Changement de mentalité queesch duerch eis Verwaltungen goen.

Mir géifen et jiddefalls begreissen, wann et mat Hëllef vun dëser Proposition de loi, déi mir gären ënnerstëtzen, ouni mech elo awer iwwer all Detail auszepriechen, dozou kéim.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här François Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Bodry huet gesot, dass déi Proposition de loi, déi en déposéiert huet an déi mer haut diskutéieren, e wichtege Bestanddeel wär vun der Réforme administrative, wéi och eng Méiglechkeet, fir déi Reform weiderzebréngen, déi zimlech lues trëppelt. Ech kann deem nëmme zoustëmmen.

Ech kann net richtig novollzéien, wat an deene leschte Jore Konkretes geschitt ass, an deem, wat do emol eng Kéier grouss ugekënnegt gi war, sougutt vun där aler Regierung, mä och elo vun där neier Regierung, wou vill interessant Iddien développéiert gi sinn, an der Theorie, och an der zoustänneger Kommissioun, fir an d'Richtung ze goen, fir d'Verwaltung méi transparent, méi zougänglech ze maachen, méi no bei de Bierger ze bréngen.

Déi Proposition de loi, déi den Här Bodry haut hei déposéiert huet, wär sécherlech e wichtegt Element an enger Demokratie, déi eigentlech dann och deen Numm géif verdéngen, fir eng gliesen Demokratie ze sinn, dat heescht, wou wierklech d'Méiglechkeet géif bestoen, fir all Bierger an all Biergerin, un Informatiounen ze kommen.

Et ass schéin a gutt, wa mer déi Saachen do garantéieren, an dofir wëll ech e puer Iwwerleeunge mat op de Wee ginn, déi dat kënnen ergänzen, wat an der Proposition de loi steet. Wa mer déi Informatiounsdieren opmaachen, musse mer eis zur gläicher Zäit ënnerhalen driwwer, wéi mer d'Informatioun duerstellen a wat fir eng Moyene mir eis ginn, fir se kënnen duerzestellen.

Wann een d'Leit zum Beispill géif vollkippe mat Informatiounen, déi ee permanent, sief et op egal wat fir eng Aart a Weis, géif öffentlech maachen, kann een e sougenannten Overkill produzéieren, wou d'Leit förmlech erstéckt gi mat Informatiounen, doduerch dass se därmoossen Informatiounen kréien, net méi derduerch gesinn an esou am Endeffekt keng Informatioun hunn.

Dat soll net den Zweck vun der Operatioun sinn, an dofir muss ee sech et gutt iwwerleeën, wéi een d'Informatiounen weiderleet, dass se verständlech sinn, dass se op eng Aart a Weis un d'Leit erubrecht ginn, dass d'Leit och verstinn, ëm wat et geet, dass se se kënnen novollzéien.

Dofir misst de Stat - an dat hunn ech scho méi wéi eng Kéier gesot - och am Kader vun enger Rei wichtege Gesetzter, déi direkt wichteg Konsequenze fir d'Bierger dobaussen hunn, eng aner Öffentlechkeetsaarbecht maachen. Mir hunn eng Öffentlechkeetsaarbecht an eise Verwaltungen, déi eigentlech zimlech vereelt ass, déi vu modernem Marketing oft nach net ganz vill héieren huet, déi sech oft dermat begnügt, wa se komplizéiert Gesetzter oder komplizéiert Reglementatiounen wëllt un d'Leit erubréngen, fir Methoden erauszuesichen, déi wierklech

enger moderner Kommunikatiounsgesellschaft net Rechnung droen. D'Leit liewen nun emol an Zwëschenzäit an esou engem Zäitalter. Si si gewinnt, schnell Informatiounen ze kréien, kuerz Informatiounen ze kréien, fir dass se se kënnen novollzéien, an dofir muss de Stat sech och do ëmstellen a massiv Gelder investéieren, fir dass seng Öffentlechkeetsaarbecht insgesamt besser gëtt.

Ech huelen e Beispill: Wéi mir hei 1990 d'Kommodo-Gesetz geschafen hunn, hu mer als Gréng eis enthalten, ënner anerem well mer gesot hunn, dass ee Volet bei deem Gesetz géif fehlen, an zwar deen, wéi mir dëst komplizéiert a komplext Gesetz géifen encadréiere mat engem speziellen Département, dat sech géif dermat beschäftegen, fir net nëmmen d'Dossieren ze kucken, déi do eragerecht ginn, mä ze kucken, wéi ee kënnt eng geziilt Informatiounsaarbecht ronderëm dat Gesetz maachen. Do geet et net, fir mat kleng Moyenen unzesetzen, wann een esou komplex a komplizéiert Gesetzer huet, déi esou eng grouss Envergure hu fir Betriber a fir Eenzel-persounen, wéi d'Kommodo-Gesetz zum Beispill. Da muss een eng aner Informatiounspolitik als Stat sech uneegnen, fir dass dat kann deementspreechend sënnegeméis vum de Leit novollzu ginn.

Mir begreifen dës Proposition de loi, mä si misst, eiser Meinung no, ganz kloer begleet gi vum enger Strategie, déi de Stat sech gëtt, wéi e wëllt deen Accès un d'Informatiounen transparent gestalten, fir dass deen Accès wierklech effikass kann ëmgësat ginn, well soss hu mer herno e schéint Gesetz, wat den Accès zur Informatioun zwar méiglech mécht, mä vum där Méiglechkeet d'Leit kaum Gebrauch wäerte maachen, well se nach ëmmer fanne wäerten, dass d'Verwaltung als solch zevill oniwwerschaubar fonktionéiert.

M. le Président.- Mir kommen zur Diskussioun vum de Projets de loi 4598 a 4623, zwou Konventiounen iwwert d'Interventioun am Fall vum engem Nuklear-unfall. Déi béid Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Riedezäit ass no dem Modell 0 festgeluegt an deemno folgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet fënnf Minutten, d'CSV, d'DP an d'LSAP je fënnf Minutten, den ADR an déi Gréng zwou Minutten, den Här Hoffmann eng Minutt an d'Regierung fënnf Minutten.

D'Wuert huet de Rapporteur vum de béide Projets de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

5. Projet de loi 4598 portant approbation de la Convention sur l'assistance en cas d'accident nucléaire ou de situation d'urgence radiologique, adoptée à Vienne, le 26 septembre 1986

Projet de loi 4623 portant approbation de la Convention sur la notification rapide d'un accident nucléaire, adoptée à Vienne, le 26 septembre 1986

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fënnf Minutte ginn engem natierlech net vill Zäit, fir heiriwwer ze schwätzen.

Et kéint een ufänken, iwwert d'Reienfolg ze diskutéieren, wéi se hei um Ordre du jour sinn, ob d'Notification rapide vum engem Accident virun enger Assistenz misst sinn oder ëmgekéiert, mä an deene Beräicher do wäert dat sou schnell goen, dat een net ka jugéieren, wat fir d'éischt muss gemaach ginn.

Ech schwätze fir d'éischt vum Projet 4598, wou den Article unique d'Approbatioun vum der Konventioun virgesäit iwwert d'Assistance en cas d'accident nucléaire ou de situation d'urgence radiologique, eng Konventioun, déi schonn de 26. September 1986 zu Wien ënnerschriwwen ginn ass. De 15. November 1999 ass de Projet de loi hei déposéiert ginn. Dem Statsrot ass en de 26. Mäerz vum deemselwechte Joer virgeluegt ginn, an hien huet säin Avis den 8. Juli 1999 ofginn.

De Kontext vum dësem Projet de loi.

Lëtzebuerg huet aus e puer Grënn déi Konventioun bis ewell net ratifizéiert. Dat ass jo schonn eng laang Zäit hier, dass dat ënnerschriwwen ginn ass. Ënner anerem war Lëtzebuerg am Kader vum dësem Gesetz, wat d'Assistenz ugeet, net zefridde mat den Dispositiounen vum Artikel 7 vum der Konventioun, deen iwwert de Remboursement des frais geet. Lëtzebuerg wollt, dass d'Konventioun berücksichtegt, datt dat Land, wat de Verursaacher vum engem Nuklearaccident wier, net d'Recht hätt, deem Land, deem et gehollef huet, och nach e Remboursement des frais ze froen.

Zur Zäit, wéi dës Konventioun am Gespréich war, war Lëtzebuerg amgaangen, mat sengen Nopeschlänner bilateral Assistenzaccoren ze verhandelen. Lëtzebuerg wollt ganz einfach seng Vehandlungspositioun net doduerch schwächen, andeem datt et dësen Accord ugeholl hätt. Hei muss een och festhalen, datt d'Dispositiounen vum dësem Accord a kenger Weis d'Dispositiounen vum den Accords bilatéraux beeinträchtegen. Lëtzebuerg huet Accords bilatéraux mat der Belsch, Däitschland a Frankräich ënnerschriwwen, déi vill méi wäit gaange si wéi dës Konventioun.

Dës Accoren hunn d'Assistenz an d'Notificatiounen am Fall vum engem Accident och virgesinn. Et ass zum Beispill festgehale ginn, dass, wa Lëtzebuerg geschiedegt gëtt, fir d'Assistenz dem Verursaacher kee Remboursement muss bezuelt ginn. Wat Frankräich ganz besonnesch ubelaangt, sou muss ee festhalen, dass den Accord mat Frankräich am Fall vum engem Accident eng Evakuatioun a Frankräich virgesäit. Frankräich muss Lëtzebuerg och informéieren, wann nëmme sougenannte Schäi-problemer géifen a sou engem Fall optauchen.

Et muss een dann och ganz kloer festhalen, dass déi Konventioun am Kader vum der AIEA, der Agence inter-